CORPS GRAND-DUCAL
INCENDIE & SECOURS

Direction générale

Luxembourg, le 19 novembre 2026

Communiqué de presse relatif au

# cas de harcèlement au sein du CGDIS

[FR]

Faisant suite au communiqué de presse du 28 octobre 2026 relatif à une situation de harcèlement, le CGDIS informe que l'enquête interne mandatée par la Direction générale est dorénavant clôturée.

Les résultats de cette enquête confirmant des faits de menace et de harcèlements au sein d'une session de pompiers professionnels stagiaires ont été présentées au Conseil d'administration du CGDIS en date du 19 novembre 2026.

Au regard des faits établis, le Conseil d'administration a décidé des mesures suivantes :

- une résiliation de stage pour faute grave liée à des menaces physiques ;
- deux sanctions disciplinaires sous forme de réprimande ;
- une sanction disciplinaire sous forme d'avertissement ;
- par ailleurs un dossier concernant un fonctionnaire a été transmis au commissaire de gouvernement en charge de l'instruction disciplinaire.

Le CGDIS rappelle qu'aucune forme de harcèlement, d'intimidation, de menace ou de comportement abusif n'est tolérée au sein de l'organisation. Chaque signalement est traité avec sérieux et fait l'objet des mesures nécessaires afin de garantir un environnement de travail respectueux et sûr pour l'ensemble des collaborateurs.

L'engagement, le professionnalisme, la solidarité et la fiabilité constituent les valeurs fondamentales du CGDIS. Elles doivent guider les comportements de chacun et contribuer à un climat de confiance, de respect et de responsabilité au sein de l'organisation.

**Corps grand-ducal d'incendie et de secours**

3, boulevard de Kockelscheuer L-1821 Luxembourg · Tél. +352 49771 2020 · communication@cgdis.lu · www.cgdis.lu

Établissement public · R.C.S. LUXEMBOURG J64 · Matricule national : 2018 52 000 36

[LU]

Am Uschloss un de Pressecommuniqué vum 28. Oktober 2026 iwwer eng Situatioun vu Belästegung informéiert de CGDIS, datt déi intern Enquête, déi vun der Generaldirektioun mandatéiert gouf, elo ofgeschloss ass.

D'Resultater vun dëser Enquête, déi Fäll vu Menace a Belästegungen am Kader vun der Formatioun vu Stagiaire -Beruffspompjeeë confirméieren, goufen dem Verwaltungsrot vum CGDIS den 19. November 2026 virgeluecht.

Opgrond vun de festgestallte Fakten huet de Verwaltungsrot follgend Mesurë beschloss:

- d'Kënnegung vum Stage vun enger Persoun wéinst schwéierem Feelverhalen am Zesummenhang mat kierperleche Menacen;
- zwou disziplinaresch Sanktiounen a Form vun enger Reprimande;
- eng disziplinaresch Sanktioun a Form vun enger Verwarnung;
- zousätzlech gouf en Dossier betreffend e Fonctionnaire un de Commissaire de Gouvernement en charge de l'instruction disciplinaire, weidergeleet.

De CGDIS erënnert drun, datt keng Form vu Belästegung, Intimidatioun, Menace oder mëssbräichlechem Verhale bannent der Organisatioun toleréiert gëtt. All Signalement gëtt eescht geholl a mat de néidege Mesurë behandelt, fir e respektvollt a séchert Aarbechtsëmfeld fir all Mataarbechterinnen a Mataarbechter ze garantéieren.

Engagement, Professionell Astellung, Solidaritéit an Zouverlässegkeet sinn d'Grondwäerter vum CGDIS. Si mussen d'Verhale vun all Eenzelnem leeden an zu engem Klima vu Vertrauen, Respekt a Verantwortung bannent der Organisatioun bäidroen.

**Contact**

Service Communication
communication@cgdis.lu